LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 07 FEV. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 FEV. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de M. le Premier ministre, ministre d'État, et MM. les vice-Premiers ministres à la question parlementaire n° 261 au sujet des compétences des vice-Premiers ministres.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°261 du 24 janvier 2019 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier ministre

Ministre d'État

Réponse commune de M. le Premier ministre, ministre d'État, et MM. les vice-Premiers ministres à la question parlementaire n° 261 au sujet des compétences des vice-Premiers ministres

1. Wéi ass d'Hierarchie tëschent deenen zwee Vize-Premierministeren? Wien ersetzt prioritär den Här Premierminister, wann dëse sollt verhënnert sinn?

Et ginn tëscht den zwee Vize-Premierministere keng hierarchesch Ënnerscheeder.

Am Kontext vum Protokoll an op offiziellen Dokumenter gëtt d'Reiefolleg vun de Membere vun der Regierung, déi deen nämmlechten Titel droen, duerch d'Préséance gereegelt, déi duerch d'Anciennetéit determinéiert gëtt. Den Etienne Schneider ass am Februar 2012 Member vun der Regierung ginn a steet domat an der Préséance virum Félix Braz, deen dat am Dezember 2013 ginn ass.

2. Wéi eng Kompetenze si mam Titel vum Vize-Premierminister verbonnen? Gëtt et eng Opdeelung vu Kompetenzen tëschent deenen Häre Félix Braz an Etienne Schneider an hirer Funktioun als Vize-Premierminister?

Mam Titel vu Vize-Premierminister si keng eege Kompetenze verbonnen, et gëtt deemno och keng Opdeelung dovunner tëscht den zwee Vize-Premierministeren.

D'Funktioun vun de Vize-Premierministeren ass et, de Premierminister op seng Demande hi kënnen a senge Funktiounen z'ersetzen, wann e punktuell verhënnert ass.

Den Titel vu Vize-Premierminister placéiert déi Persoun, déi en dréit, an der Préséance vun de Regierungsmembere virun de Ministeren an de Staatssekretären.

3. Mussen déi zwee Vize-Premierministere sech beroden, wa si déi Funktioun vum Vize-Premierminister ausüben? Wien décidéiert am Fall, wou déi zwee Häre sech an enger Fro net eens wären?

Déi zwee Vize-Premierministeren droen hiren Titel zu all Moment, allerdéngs kommen sinn hirer Funktioun, de Premierminister z'ersetzen, just dann no, wann de Premierminister engem vun hinnen an engem spezifesche Kontext déi Charge explizit ginn huet.

Déi zwou Froe sub 3) stellen sech deemno net.